Lëtzebuerger Studenten zu Heidelberg

Perkeo

D'Letzebuerger Studentenzeitung fir Freiheet, Gleichheet an Bridderlechkeet

Nummer 24 – Oktober 2010

. . . soss nach an deser Editioun:

-Aktiviteiten Summersemester

-Ersti-Touri-Guide

-Beis Zongen behaapten

-Forschette op den Kapp XXL

-Integratiounsdebatt

-Studiengang Geologie

Editorial

Leif Lieserinnen an Lieser,

Et ass nees souweit, den Bronzage aus der Summervakanz huet den Geescht opginn, beim matinalen Spazeiergang faalen engem d'Käschten op den Kapp an d'Gelateriaen hunn nees d'Lieder ausgepaak.

Mee ganz sou dramatesch wei daat klengt ass et awer net, well den LSH mellt sech pünktech zu Semesterunfang zereck fir lerch mat enger Rei Aktiviteiten duerch dei laang Wanterowender ze begleeden. Dozou geheieren den Stammdesch, deen traditionell all Densdes stattfennt, souwei en Kreschtiessen, dei eng oder aaner Visite um Kreschtmuart an d'Single Bells Party. Dei genau Datumer fannt Daer wei gewinnt op der leschter Seit.

Am Fokus vun deser Editioun ass d'Integratiounsthema. Zu deem Unloos hunn maer en Interview mam Boris Becker gefouert (siehe Foto).

Fir dei wou gaeren per e-mail um neisten Stand gehaalen ginn, dei kenne hir e-mail Adress op atisleric@hotmail.com schecken.

D'Perkeoredaktioun wenscht jidderengem eng gudd Rentrée, en erfollegreicht Semester zu HD an vill Spaß bei der Lecture vun deser Ausgab vum Perkeo.

Anne Tisleric

Mot du Président

Leiw Erstien an al Huesen,

sou schnell vergeet t'Zait, endlech ass et rem sou wait; mer dierfen eis op dat wonnerscheint Heidelberg am Wanter freen! Fir sech net alleng mussen ze freen, a sai Gléck mat anere Leit aus Letzebuerg an der ganzer Welt, gett et den LSH. Och dest Semester hu mer rem eng Reih flott Aktiviteite geplangt, wei de wöchentleche Stammdesch, deen dest Semester all Densdes ab 9 Auer an der Palmbräugasse stattfennt, eist scho bal traditionellt Chreschtiessen mat Cadeauen fir grouss a kleng, an eis scho richteg traditionell Single Bells Party. En aneren Highlight ass de weltbekannten Heidelberger Weihnachtsmarkt, op dee mer während daer Zait eis Stammdescher dohi verlee waerten.

Der gesidd, et gett rem Grond zur Freed, ech wenschen jidderengem en erfollegraicht a leschtegt Semester, an denkt emmer drunn, dat een nierwt deem ganze gefeiers sech och mol op der Uni blécke loosse sollt,

fir den LSH comité,

Max Pesch.

Touri Guide

Daer hudd Besuch vun Letzebuerg (Elteren oder Frenn) an hudd keng Loscht fir dei gefillten 100. D'Keier op den Philosopenwee ropzlaafen, dat grousst Faass ze bestaunen („jo dat heiten ass just dat klengt Faass") oder aerem Besuch d'Reimlechkeeten ze weisen an denen daer och fleisseg studeiert. Desen Guide soll lerch hellefen, aerem Besuch eng aner Perspektiv vun der Rhein-Neckar-Geigend ze vermettelen. Besonneg an Zeiten vum Heidelberger Weihnachtsmarkt, wou een dach des öfteren Besuch kritt, kann desen Guide iwwerliewenswichteg ginn.

Tipp Nr 1: Mannheim

Mannheim eegent sech optimal fir e bessen Groussstadt-Feeling opzesaugen. Net fir neischt ass de Motto vun der eenzeger rouder Staat an Baden-Württemberg: „Leben. Im Quadrat." Nirwt den villen Shopping-Meiglechkeeten (besonneg op der „Planken") huet Mannheim och eng ganz Rei kulturell Sachen ze bidden (Wassertuerm, daat greissten Barockschlass aus Europa, Kunsthalle, Technoseum an den Luisenpark). Den Ausfluch kann een dann um Heemwee an der SAP-Arena bei engem Spill vun Adler Mannheim ofklengen lossen.

Tipp Nr 2: Ludwigshafen

D'Chemiehapstaat ass net nemmen weinst der BASF bekannt me sie ass och d'Heemecht vum Altkanzler Helmut Kohl. Vu weitem richt een schon d'Chemieindustrie, dei trotz allem Knascht deen se produzeiert, den greissten Arbeitgeber vun der Staat ass. Op keen Fall soll een d'Rathaus verpassen (inklusiv Shopping Bereich), d'Lutherkirche (an der Kirch befennt sech eng Pizzeria) an den Wilhelm-Hack Museum. Legendär ass Ludwigshafen mettlerweil fir den Bistro „Im Bett" (Schillerplatz 10), deen der Mamm vum Ludwigshafener Exportschlager Daniela Katzenberger geheiert. An extra fir d'Mädels ass firun kuerzem mat der Rhein Galerie, deen greissten Akaafszentrum vun der Regioun opgaangen.

Tipp Nr 3: Ladenburg
Kleng mettelalterlech Staat mat villen Fachwierkheiser. Zu Ladenburg huet den Carl Benz zweschen 1904 an 1929 gewunnt an seit 2005 existeiert doweinst den C. Benz Automuseum an desem Stiedchen. Kuckenswaert sin besonneg den Marktplatz mat der Marienstatue, den Sankt Gallus an dei mettelalterlech Festung. Ass bequem mat Velo oder Auto z'erreschen.

Tipp Nr 4: Neckarsteinach an Dilsberg
Schein romantesch Dierfer östlech vun Heidelberg. Zu Dilsberg huet een eng herrlech Vue iwwert d'Neckardall an den Odenwald. Helden kennen dei am Schnett !5% gei Steigung mam Velo ropfueren, all deenen aneren sierf en anert Transportmettel ugeroden.
Neckarsteinach errescht een am beschten mat den Heidelberger Tourischeffer. Empfehlenswert ass hei eng Besichtegung vun deenen 4 Buergen.

Falls des Tipps lerch neischt soen, kennt der lerch och nach emmer zu Heidelberg op den Wee no neien Platzen machen. D'Perkeo Redaktioun geif sech freen wann der en klengen Bericht doriwwer schreiwen kennt, deen och secher an der folgender Ausgab veröffentlecht get.

Ivan R.

Tanz in den Mai op der Thingstätte

Wei all Joer, ass den LSH och des Walpurgisnacht rem op d'Thingstätte gewandert, fir an den Mee ran ze danzen. No engem unstrengenden Foussmarsch (fir dei eng mei oder manner) gouf uerwen gegrillt, gesongen an och geprost.

Hellenbachhütte

Et ass bekannt, dass de Wee op d Hellenbachhütte net ganz einfach ze fannen ass. An trotzdeem haten mir eis gudder Deng mat engem geléinten Auto (deen iwregens vill méi grouss ass wéi eisen eegenen) als éischt op de Wee gemach, fir den Här vum Getränke Fein ze empfänken. Duerch verwuessen, steeneg Offroad-Weeer hu mir ons erop an erof an erem erop gequält. Mat enger halwer Stonn Verspéidung an ziddregen Knéien haten mir et dun schlussendlech awer gepackt an et konnt lassgoen.

No a no si méi oder manner sportlech Memberen ukomm, fir de Nationalfeierdag gebührend mat Béier, Wäin a Gegrills ze feieren. Daat mat deem Gegrills war awer net esou einfach, well ons Männer sech net eenz goufen, wéi een dee Grill am Beschten sollt umaachen. Nodeems gefillten zwee Säcken Kuelen dropgehäit goufen an d Bäich schon haart gegrommelt hun, konnt dun den

1. Thüringer opgeliuecht gin. Wéi all Joer hun och erem fläisseg Leit lecker Zaloten matbruecht, waat de Menü ofgeronnt huet. Musek, Fakelen a Glühwiermecher hun zur fréisummerlecher Romantik bäigedroen. Déi nei WM-Hits sin de ganzen Owend rop- a rofgelaaf. - Waka waka eh eh!

No a no gouf de Stock un alkoholeschem Gedrenks dann och méi kleng, waat sech och un der Stemmung vum Public bemierkbar gemaach huet. Ganz reiwungslos ass deen Owend awer net ausgeklongen. E puer Fakelen, Fläschen an e midden Presi hun zu spéider Stonn missten dru gleewen, mee nu gudd, sou ass daat Studenteliewen nun eemol, an e schéinen Owend war et op alle Fall.

France D. an Isabelle R.

Beis Zongen behaapten

… den LSH wär net oppen fir nei Memberen

… den LSH kréich nie méi en fonktionéirenden Internetsite

… et kréich een eng Dampvergeftung wann een an de Marstall geet

… de Lenz aus der Destille hätt et op letzebuergesch Meedecher ofgesin

… de Cave54 géif verkaaf gin

… enner Alkoholafloss an an der Géigewaart vu schéine Fraen géifen Italiener a Koreaner heiandsdo uneneen gerooden

… emmer méi erwuessen Comitésmemberen géifen a Gesellschaft vu 17jähregen am Mels op Lady Gaga danzen

… den LSH hätt eng Affinitéit zu Drogen a géif dofir dest Joer seng Bienvenue an der Shisha-Bar feieren

. . . dat den LSH desen Summer 10 Joer gefeiert huet

. . . et sollt een ab elo mat enger Sensodyne Kuer unfänken sou dat een sein Glühwein schmerzfrei geneissen kann

. . . dat Nordkorea deemnächst eng nei politesch Führung huet

. . . dat d'Letzebuerger hei zu Heidelberg gudd integreiert sinn

Cultural differences . . . !!!

Rees op München

Heidelberg Hauptbahnhof: 7. Mai 2010

Den LSH huet sech um Quai Nummer 7 getraff, Direktioun: München. Et ass arschkaal, me Frisur setzt. Wichteg: Dei eischt Fläscher Beier gouf firun 9 Auer Moies opgemach. Ps. De Yann kann weder Japanesch nach Koreanesch (fir all dei wou net matwuaren: De Yann gouf firun der Gare vun engem asienteschen Medchen op enger him onbekannter Sproch nom Wee Richtung Bismarkplatz gefrot).

Och wann den weideren Verlaaf vun der Rees net sou spannend war wei en Tatort Krimi, sinn mer dun awer zimlech ungeheietert an der bayrecher Metropol unkomm, dei wei keng Staadt vum architektoneschen Anfloss vum Maximilian an Ludwig geprägt ass.

Vun der Gare bis bei den Hostel wuar et nemmen en Katzensprong sou dat mer den Wee och ouni technesch Hellef fonnt hunn an dobei war eisen Presi, deen sech jo net alt ze schlecht zu München auskennt en gudden Guide.

Eis Erwuardungen un eisen „öko-hostel“ goufen net all erfellt, daat eenzegt waat do öko wuar, waren d'Flei dei op daer stenkescher Toilette opraafen konnt. Trotzdem sinn mer voller Freed richtung Marienplatz getreppelt, wou maer d'Glackespill bewonnert hunn an sinn weider richtung engleschen Gart op en „Moaß Helles“ gezunn.



Ennerwee hunn mer nach den verreckten Surfer nogekuckt, dei op er Isar hir d'liewen riskeieren fir puer blöd letzebuerger Touristen z'ennerhaalen. D'Musekkappel, dei soss beim chinesechen Tuerm ze fannen ass an d'leit mat hiren bayreschen Volleksliddер begleckt, haat grad prouf fir d'Wiesn, sou datt den Beiergart wei ausgestuerwen wuar. Dat huet eis awer net dovun oofgehaalen, deen

een oder aaneren Liter Beier ofzeschlucken an et huet och net laang gedauert bis mer dobei Ennerstetzung vun eisen Münchener Kollegen kritt hunn.

Well et deem engen oder aaneren ze fresch gouf hunn mer dunn eis Beierorgie am Hofbräuhaus weidergefouert. Fir dei ennert ierch, dei nach net Gleck haaten an desem Lokal ze sinn, hei eng kuerz Beschreiwung: deck bayresch Männer setzen den ganzen Dag op hirem Stammdesch drenken Beieran lauschteren der Kapell no. Dat ganzt geschitt bei engem Loftmix vun Methan an Sauerkraut.

Den Arnaud, schon hallef auserhingert, huet et sech net huelen geloos och kuerz virum gemeinsamen Owesiessen en klengen Schmankerl, an Form vun Wuppen mat Sauerkraut zou sech ze huelen. Verschidden Damen haten, no laangen Verhandlungen mat der Serveuse, dann awer och en Wengchen serveiert kritt. Midd an e bessen ungeschwips sinn mer dunn an den Pschorr um Viktualienmarkt iessen

gaangen. Nom ausfeierlechen lessen huet et eis dun an den hippen Münchener Szenequartier verschloen, wou mer an der „Bank“ op ausergeweinlech Menschen gestouss sinn. Hei konnte en sein Patt drenken, währendeems aaner Leit sech am Raum niewendrun vun enger netter Trans coiffeieren geloos hunn. Fir den klengen Creux zwesechenduerch war och gesuercht; direkt nierft der Toilette gouf fresch Pizza gebaak. Den Owend hunn mer op dei typesch Münchener Art an Weis am „Barschwein“ an dann an der „Schwabinger Sieben“ ausklengen geloos. Dei ganz huart hunn et faerdeg bruecht reicht no Sonneopgang ness am Hostel opzetauchen. Den Luc huet et souguer faerdeg bruecht, eng hallef Stonn mat den Kleeder (inklusive Schung) ze schlofen, an dann kuerz drop an voller Montur an fresch wei en Turnschung um Frühstück opzetauchen.

<u>München Hostel 4you 8. Mee 2010 9:00.</u>

Den Frühstück gudd, dem Arnaud sein Fändel net. Mei oder manner fresch (den Gilles huet sech mat Axe-Deo „geduscht“). Sinn richtung Platzl getreppelt an hunn eis en Cafe beim Starbucks op der Terrace gegönnt. Den Arnaud an meng Weingekeet, sinn um Wee fir op d’Toilette dem Alphonse Schubeck firun senger Kachschoul iwwert den Wee gelaaf. Um Viktualienmarkt hunn mer zu Metteg giess. Während dei eng un hirer eichter Weisswurst gezutzelt hunn, hunn dei aaner sech eng XXL-Gurke gegönnt.

Nom Mittagsmahl hunn sech d'Weer tesch den zwee Geschlechter getrennt. Op der Sicht no engem Dirndl fir d´Wiesen, goufen d'Meedecher an all Trachtgeheimnis vun enger konservativer bayrescher Tatta angefouert. Op alle Fall wesse mer lo weieng Bedeitung dei verschidden Knied hun: Knued lenks : "ech sinn nach ze hunn"; Knuet riets: „ech sin schon verginn"; Knuet an der Mett „ech sinn verwitwet" . D'Männer haaten daat onmoossegt Gleck, an deem eenzegen FC Bayern-Fan-Bistro an ganz München ze landen, fir do Bundesliga ze kucken (fir all dei wou et net wessen: Münchener sin traditionell fir 1860 München). Well et sech wei gesoot em en Bayern-Bistro handelt, ass do natirlech keng Konferenz gelaaf mee et konnte en den FCB op 10 Ecraen bestaunen. Well d'Equipe em den Partybiest vanGaal och desen Weekend grad Champion goufen, sinn mer net dolanscht komm kräfteg mat ze feieren. Den Luc gouf souguer ausdrecklech vun der Wirtsfra opgefuerdert net ze schwächeln mee ze saufen. Gruppeiert sinn mer an den Augustiner Restaurant iessen gaangen. Während dei eng sech hir Schweinshaxe gudd schmache geloos hunn, huet den den Arnaud mat der fränkescher Serveuse geflirt (als Beweis siehe Foto).

Des war speider allerdengs net mei sou gudd op eis ze schwätzen, nodeems den Gilles se op manst 6 Mol gefroot huet op den Rumpsteak och secher net rei waer. Nom Iessen sinn mer an d'Coktailbar en Zombie schlürfen gaangen. Heibei koum schon baal dei richteg Malle-Stemmung op, well et huet een den Coktail an engem groussen Eemer mat Streihelem serveiert kritt.

Freckt vum Owend virdrun sinn der puer schon eichter heem gaangen, während dei aaner am „Max&Moritz“ Danzpist onsecher gemach hunn an iwwer Scampien philosopheiert hunn.
Notabene: den Luc deen och schon den eichten Owend Ausdauer bewissen huet, war hei och nees bis zum Schluss dobei.

<u>München Hostel 4you 9. Mee 2010 12:00.</u>

Mettesiessen: am Schubeck sengem bellegen Restaurant „Orlando“ um Platzl. Et ass Mammendag an Deitschland. D´Platzl-Waasser (Waasser mat enger Tranche Ingwer an puer Mentheblieder) kascht 6 Euro. Vum Marienplatz heiert een schon den „Bayern-Mob“; jo deen Daag war Meisterfeier um Rathaus. Als grouss FC Bayern-Fans wollte maer eis natirlech och net Geleegenheet entgoen loosen wei Robben, Ribery an co d'Meisterschale dem Publikum weisen. Den Luc sengt: „FC Bayern Stern des Südens...“. Heichpunkt war natirlech dem Meistertrainer seng Ried, deen mat 2 pro mille baal vun der Balustrade vum Rathaus roofgekippt ass. Charmant huet hien en Appel un „alle Muttis“ gemach an ungekennegt Europa an dei ganz Welt ze erueweren.

<u>Heidelberg Hauptbahnhof 9. Mee 2010 22:00.</u>

Den LSH trellt freckt aus dem ICE raus. D'Protagonisten vun eisem diesjähregen Trip machen sech op den Heemwee.

Ivan R.

Ruperto Carola

Ab deser Ausgab stellt den Perkeo aerch een Studiengang fier, deen een op der älster deitscher Uni studeieren kann. Des keier get Fach Geologie vun engem Insider durgestallt.

Geologie/ Geowessenschaften

Wei de Numm et scho seet, (aalgrieschesch: geo-: Erd; logos: Wuert, Etude) beschäftegt sech dess Disziplin mat dem Opbau, mat der Zesummesetzung, der Struktur an der Entstehung vun der Erd.

Am Laaf vum Geologie-Studium, kann een sech an dei ennerschiedlechst Disziplinnen spezialiseiren. Do wieren zum Beispill folgend Expertisen fir e Geolog: Paläontologie, Vulkanfuerschung, Erdbiewefuerschung, Planéitfuerschung, Sedimentologie, Mineralogie, Natierlech Ressourcen (Waasser, Petrol, Erz), Hydrologie, Fuerschung vun Materialien etc.



E Geolog gett oft da gefrot wann et em d' Erkundung vun engem Bauterrain geet, sprech d' Beschaafenheet vum Buedem op dee gebaut soll gin, a sin aus deem Grond och fir d' Bauindustrie enorm wichteg. Säin Accord entscheed dann oft iwwert de Bau vun neien Infrastrukturen, siewt et nei Häuser, Tunnelen, Brécken, Strossen, Kanäl etc.

D' Universitéit Heidelberg bidd en excellenten Studiegang fir Geowessenschaften, mat excellentem Fachwessen, Equipment vum neiste Stand, eng Fakultéit dei gläichzäiteg och e Fuerschungsinstitut ass an Ausflich a Südfrankräich, Sardinien, d' Eifel, Süddäitschland, d' Kykladen (Griecheland), a nach vill aneres.

E Geolog ass oft dobaussen ennerwee, an ass liicht un sengem Hummer (fir Steng splécken ze können), sengem Kompass, senger Lupp an u senge feste Schong fir Biergsteiger, ze erkennen.

Gilles K.

Integratioun

Wuel kaum een anert Thema beschäftegt dei deitsch Öffentlechkeet zurzeit dermossen ewei dei aktuell Integratiounsdebatt. Et vergeet keen Polittalk (sief et Plasberg, Will oder Illner) an deem net driwwer diskuteiert get, ob dei auslänesch Matbierger och gudd am Land integreiert sin. Den LSH geseit sech also gezwongen, och Stellung an deser brisanter Debatt ze hulen. Doweinst stellt den LSH aerch eng Reih vun Persounen fir, iwwert dei der mat aeren Kollegen diskuteieren kennt op sie och 100-prozenteg an eiser Gesellschaft integreiert sin.

Josef Ackermann (Schweizer Banker)

Michel Friedmann (Israel-Lobbyist)

Philipp Rösler (Gesondheetsminister)

Superjhemp (Nationalheld)

Thilo Sarrazin (Bestseller Autor)

Ranga Yogeshwar (Hobby-Physiker)

Unicup 2010

Das Greifen nach dem Stern (oder eher nach der Sternplatte)

Dest Summersemester war mein zweet Semester op der Uni Heidelberg an soumatt hunn ech mein éischten Unicup (natirlech als Zuschauer) matterliewt. Wéi ech engem vun deenen leschten Perkeo´en entholl hunn, war den Unicup vum Joer virdrun einfach nett ze toppen; an deem muss ech och leider zoustemmen. Obwuel ett en puer Verännerungen an och Iwwerraschungen ginn sinn, konnt d´sportlech Leeschtung vun eisen Jongen nett ganz iwwerzeegen an sie hunn d´Vierronn nett iwwerstaan. Op alle Fall kann een awer soen, dass d´Matcher emmer ganz spannend an ofwieslungsreich waren, obwuel een heinsdo daat Gefill haat, dass eis Jongen éischter d´Sternplatte beim Griech, wéi den Goal virun Aan haaten. Also waat huet den Unicup 2010 ausgezeechent? War ett den wibblechen Trainer um Spillfeldrand, deen am léiwsten selwer mattgekickt hätt, eng Autospann zu Letzebuerg, déi eisen wuel beschten Verteideger ausfaalen geloos huet, oder war ett dach éischter den Bolli, deen d´Zuschauer nett iwwersinn konnten, well en emmer an der Géigend vum Ball war? Natirlech muss een och den Asatz vum Lisa erwähnen, daat während engem Match wéinst Mangel um Mann agsprongen ass an deen een oder aaneren Géigner zur Verzweiflung bruecht huet. Och den Yann, deen am allerléiwsten matt der Zigarette iwwer den Terrain gerannt wier, huet zumindest d`Zuschauer ennerhaal. Eisen gréißten Nodeel war secherlech den Mangel un Spiller; eis Géigner konnten nett wirklech matt hierer Leeschtung glänzen, sie haaten just mei Spiller, déi sie auswieselen konnten an dofier huet hier Konditioun nett sou séier nogeloos. Och eis Entente matt en puer daitschen Spiller konnt eis nett retten.

Och eisen Trainer wosst sech net emmer ze hellefen

Op deser Plaaz muss natirlech och den Éiergeiz vun eisem Präsi geluewt ginn, deen leider heinsdo senger Roserei iwwert en verluerenen Match matt engem Schongweitworf fraien Laaf geloos huet. Eisen neien Goalkipp (Uff, mir hunn eis keen neien Numm missen verhaalen) huet trotz ze kuerzer Box nett schlecht standgehaal, mee leider konnten och 50€ Bestiechungsgeld vum Trainer hien nett dovun ofbrengen deen een oder aaneren Ball ranzelosen. Nett ze vergiessen sinn natirlech och déi trei Spektateuren, déi bei Wind und Wetter eis Jongen méi oder manner hart ugefeiert hunn an dofier matt engem Ouzo vun der granzeger Serveuse belount ginn sinn. Nächst Joer, do sinn ech mer secher,

gewannen mer den Pokal. Dann ass eisen Trainer rem um Spillfeld matt dobai, den Max huet Heidelberger Fußball-Erfahrung gesammelt an ween wees ween mer alles als Nowuesspiller dobai kréien?

Lynn P.

Direkt Demokratie am 21. Johonnert

De Fall Stuttgart 21 beweist, dat den Effekt vun Politikverdrossenheet dann awer net sou grouss ass, wei en eis vun den Medien emmer vermettelt get. Bierger wellen weiderhin um politischen Prozess deehulen, besonneg wann et sech em Projeten handelt, dei an hirem direkten Emkrees sollen realiseiert gin. Politik huet et an den leschten Jorzengten net geschafft Volek un wichtegen Entscheedungen ze integreieren an brauch sech lo doweinst net ze wonneren, wann Bierger hier Meenung öffentlech weisen.
Och hei zu Heidelberg goufen an der lescht Prestigeprojeten vun de Anwunner blockeiert, z.B. den Ausbau vun der Stadthalle. Et bleift allerdengs spannend wat mam Milliardenprojet Neckartunnel gescheihen wärt.

ACELs Bal 2010

Och um diesjähregen ACELs Bal wuar den LSH vertrueden. Mat leckerem Erdbierlimes hun mer Gäst zerveiert an gleichzeiteg eis Keess gudd gefellt.

D`Forschette op de Kapp
Haart awer fair

Mensurstube (Hotel Hirschgasse)

Wou? Um Fouss vum Philosophenwee. An der Geigend vun der Schleiss

Wat? Restaurant mat biergerlecher Kichen an burschikoser Atmosphär

Iessen? Waat et Sonndes bei der Mammi ze nammen get

Gedrenks? Regionalen an auslänneschen Wein bez. Beier

Praisser? Oofgesin vum Studentenmenu ass den Restaurant e bessen mei deier

Qualiteit? Fresch prepareiert. Am Restaurant heiert een Gebrutschels aus der Kichen

Service? Professionel. Et keen een sech fir wei an engem Stärenrestaurant. Personal ass extrem em den Gascht besuergt (munchmol och ze vill)

Markenzeechen? „Studentenfutter“: Ass en 4-Gäng Menu fir Studenten zum Topprais vun 29 €

Bodega Don Jamon

Wou? Zu Rohrbach direktioun Boxberg (um Fouss vun der Montee)

Wat? Spueneschen Restaurant

Iessen? Tapas mixtas, Paella (musse en am viraus bestellen), Crema Catalana

Gedrenks? Vun Sangria bis Andaluseschen Wein

Praisser? Fir Heidelberg ganz ok

Qualiteit? tiptop

Service? Kompetent Personal, daat een angenehm durch den Owend begleed

Markenzeechen? Rustikal Innenarichtung, dei fir eng heemlech Stemmung suergt. Am Summer kann een op enger wonnerbarer Terasse iessen.
Opgepasst: mat Zeiten reserveieren

MoschMosch

Wou? Hauptstraße, tescht Marktplatz an Uniplatz. Ass weinst dem markanten Maskottchen kaum z'iwwersinn

Wat? Asiatesch Nudelbar. Spannenderweis gouf dess vun zwee Typen aus dem Allgäu gegrennt

Iessen? Meschung tescht asiatescher Kichen an deitscher Hausmannskost. Sou kritt een z.B Udon Nuddelen mat Gemeis an knuspereschem Schnitzel

Gedrenks? Nierwt selwer gemachten Eistee an frescher Limo och all dei banal Sachen

Praisser? Prais-Leeschtungsverhältnis stemmt

Qualiteit? „Fast Casual Trend"; d.h. vum Tempo tendeiert et zum Fastfood mee vun der Kulinarik ass et mei fresch, mei gesond, mei fein

Service? Wei beim Chinese, allerdings net zevill opdränglech

Markenzeechen? Den Logo mam „Heidi Tama Goshi". Desen verweist op d´Konzept vum Restaurant; nämlech op d´Fusioun tescht asiatescher an deitscher Kichen

Raja Rani

Wou? Zwee Mol an der Aalstadt (Friedrichstraße, Mittelbadgasse)

Wat? Indeschen Schnellrestaurant

Iessen? Vum einfachen Curry, iwwer den Klassiker aus der Moghul Kichen, bis hin zu Tandoori Gerichter

Gedrenks? Mango Lassi

Praisser? Extrem praiswärt

Qualiteit? Excellent fir en Imbiss; alles get fresch virbereed

Service? Orientalesch

Markenzeechen? Et richte en schon den Kreidergeroch an der Stross

Mensurstube:	
Don Jamon:	
MoschMosch:	
Raja Rani:	

Doudesannoncen

Den LSH trauert em d´Joffer **Christine Bentz**



Germanistik an Philosophie (2005-2010)

D´Christine wuar een vun den treisten LSH-Memberen an wuar op quasi all Party dobei; wou hat dann meschtens bis zum batteren Enn bliwwen ass (munchmol hued hat friem Leit souguer nach zu After-Partyen gedrängt). Zumols an der Cave wuar Christine een gaer gesinenen Gascht, besonneg well hat vum Wirt (den granzegen Vikinger ass gemengt) des öfteren eng Tournee Weisswain spendeiert kruut. D´Christine wuar zwee Joer laang am LSH-Comite an der Funktioun vum Event-Manager aktiv an hat hued emmer dofir gesuergt dat d´Aktiviteiten reibungslos iwwert Bühn laafen. LSH Memberen wuaren besonneg glecklech, wann hat dei eng oder aner Fläsch Wein aus eegener Produktioun matbruescht huet. An der lescht wuar et awer mei roueg em Christine gin, an zwar net well hat aus perseinlechen Grenn dess öfteren zu München wuar, mee well hat mat sengen Magisterexamen beschäftegt wuar. An Zukunft waert een hat an der Schoul rembegeinen oder op den miseler Hiwwelen als Wenzerin.

Den LSH trauert em d'Madame **Carry Pannrucker**



Ethnologie (2007-2010)

Och wann d'Carry keent vun deenen Memberen war, déi kee Stammdesch ausglooss hun, sou war hatt dach op den Haaptevenementer emmer present an huet säin Deel dozou bäigedroen, dass des e vollen Erfolleg goufen. Wann een ons freet, hu mir him, bedengt duerch de neien Bachelor-System, vill ze fréi missten Eddi soen. Hatt probéiert säin Gleck elo zu Berlin a mir wessen aus secherer Quell, dass hatt trotz dem Divertissement vun deser Metropol daat feierwütegt an idyllescht Heidelberg schon vermesst. Mir soen him Merci fir all Witz, deen en zweeten Ulaaf gebraucht huet an doduerch nach méi witzeg gouf.



Across

2. Weieng literaresch Epoch verbennt een mat Heidelberg? (8)
5. Ween ass den Hellegen deen um Siegel vun der Uni Heidelberg ofgedroen ass? (6)
6. Familiennumm vum ACELS Presi? (7)
8. Welchen amerikaneschen Auteur huet sech länger Zeit hei zu Heidelberg opgehaalen? (9)
9. Wei heecht den Stärenrestaurant deen sech iwwert der Print Media Lounge befennt? (7)
10. Heidelberger Spezialiteit? (13)
12. Wei heecht den Festival deen all Joer um Heidelberger Schlass stattfennt? (17)
15. Wien ass den Schutzpatroun vun den Brecken? (7)
17. Wei heecht d'Studentenzeitung Vun der Uni? (8)
18. Mettelheichdeitscht Wierk daat zu den Prunkstecker vum Bestand vun eiser Universiteitsbiblitheik geheiert? (12)
19. Wei heecht d'Tor daat sech am Schlassguart befennt? (14)

Down

1. Wei heecht Disko am Darmstädter Hof? (4)
3. Zu weiengem Mittelgebirge geheiert den Königsstuhl? (8)
4. Wei heecht den Floss deen duerch Heidelberg fleißt? (6)
7. Weieen bekannten Soziolog fennt seng lescht Rou um Bergfriedhof (8)
11. Wei ass d'Oofkierzung vum Club vun den Ancieen vun Heidelberg? (4)
13. Mat weienger englescher Staat ass Heidelberg jumelleiert? (9)
14. Weiengem bekanntenen deitschen Industrieunternehmer ass en Musée an der Geigend vum Schlass gewidmet? (5)
16. Wei heecht den Zwerg deen daat grousst Faaß bewacht? (6)

Opleisung vum Rätsel

Across

2. **ROMANTIK**—Weieng literaresch Epoch verbennt een mat Heidelberg?
5. **PETRUS**—Ween ass den Hellegen deen um Siegel vun der Uni Heidelberg ofgedroen ass?
6. **REICHEL**—Familiennumm vum ACELS Presi?
8. **MARKTWAIN**—Welchen amerikaneschen Auteur huet sech länger Zeit hei zu Heidelberg opgehaalen?
9. **SCHWARZ**—Wei heecht den Stärenrestaurant deen sech iwwert der Print Media Lounge befennt?
10. **STUDENTENKUSS**—Heidelberger Spezialiteit?
12. **SCHLOSSFESTSPIELE**—Wei heecht den Festival deen all Joer um Heidelberger Schlass stattfennt?
15. **NEPOMUK**—Wien ass den Schutzpatroun vun den Brecken?
17. **RUPRECHT**—Wei heecht d'Studentenzeitung Vun der Uni?
18. **CODEXMANESSE**—Mettelheichdeitscht Wierk daat zu den Prunkstecker vum Bestand vun eiser Universiteitsbiblitheik geheiert?
19. **ELISABETHENTOR**—Wei heecht d'Tor daat sech am Schlassguart befennt?

Down

1. **DEEP**—Wei heecht Disko am Darmstädter Hof?
3. **ODENWALD**—Zu weiengem Mittelgebirge geheiert den Königsstuhl?
4. **NECKAR**—Wei heecht den Floss deen duerch Heidelberg fleißt?
7. **MAXWEBER**—Weieen bekannten Soziolog fennt seng lescht Rou um Bergfriedhof
11. **HALU**—Wei ass d'Oofkierzung vum Club vun den Ancieen vun Heidelberg?
13. **CAMBRIDGE**—Mat weienger englescher Staat ass Heidelberg jumelleiert?
14. **BOSCH**—Weiengem bekanntenen deitschen Industrieunternehmer ass en Musée an der Geigend vum Schlass gewidmet?
16. **PERKEO**—Wei heecht den Zwerg deen daat grousst Faaß bewacht?

EN GROUSSEN MERCI UN EIS SPONSOREN FIR HIR ENNERSTETZUNG

- Reklamm -

LSH EVENTS TO COME

All Woch:

All Densdes, ab 21h: **Stammdesch** an der Palmbräugasse (Agang iwwert Untere Strasse)

Wichteg Datumer:

11.10.2010: Semesterufang
12.10.2010: 1. Stammdesch
26.10.2010: Bienvenue Party an der Orient Lounge Shisha-Bar
24.11.2010: Ufang vum Weihnachtsmarkt
07.12.2010: Kreschtiessen
17.12.2010: Single Bells Party
??.12.2010: Tournoi de Noël
??.01.2011: Assemblée Generale
05.02.2011: Semesterenn

Weider Infos fenns du op www.lsh.lu, am Forum vun den Letzebuerger Studenten zu Heidelberg op Facebook an am Studivz, souwei an Form vun e-mail.

PERKEO INFO

Perkeo – D'Letzebuerger Studentenzeitung fir Freiheet, Gleichheet an Bridderlechkeet

Nummer 24 –Oktober 2010 (Densdes, den 26. Oktober 2010)

Erschengt eemol am Semester.
Oplaach: 50

Responsable Perkeo: Anne Tisleric (atisleric@hotmail.com)

Un deser Editoun hu matgeschafft: Françoise Droulans, Gilles Kolber, Max Pesch, Lynn Pundel, Isabelle Raths, Ivan Ridolfi,...
E grousse Merci u sie all!

Fir Suggstiounen, Virschlei an Kritik sinn mer allen Zeit offen